KlimaPakt
meine Gemeinde engagiert sich

RAMMERICHER KLIMATEAM NEWS

Mir soen all deene Merci déi bei eiser **Fousswee-*Ëmfro*** deelgeholl hunn an eis hir Iddie erageschéckt hunn. Mir sinn derbäi des ze traitéieren a versichen Iech geschwënn eng Äntwert op är Froen ze ginn.

Wéi Dir bestëmmt an ärer Boîte konnt gesinn, krut Dir een ***Questionnaire*** heemgeschéckt wou et em den ***Energie-Verbrauch*** *doheem* geet. Mir wiere ganz frou wann Dir dëse Questionnaire kinnt sou gutt wéi méiglech ausfëllen an **eis *bis Mett Abrëll op d'Gemeng eraschécken*** (AC Rambrouch 19, Rue Principale L-8805 Rambrouch). Wann Dir nach Froen hutt, ruff eis w.e.g. um 26.62.08.01 un!

Gemeinschaftlech Solar-Anlagen

Enn Dezember sinn eis dräi gemeinschaftlech Solaranlagen un d'Netz gaangen. D'Gemeng Rammerich huet dräi Diercher vu Gemengegebaier zur Verfügung gestallt:

- Den Atelier an der Industrie-Zone vu Kietscht
- De Centre Culturel vu Päerel
- De Centre Culturel vu Rammerich

Insgesamt hunn 15 Bierger aus eiser Gemeng sech akaaft. Di installéiert Leeschtung léien zwësche 25.50 kW (Päerel) an 30 kW (Riesenhaff a Rammerich).

Um Daach vum Centre Culturel vun Rammerich lait eng Anlag vun 30 kW

Um Atelier vum Riesenhaff zu Kietscht léien och 30 kW

Zu Pärel um Centre Culturel sin 25,5 kW installéiert gin

Insgesamt sinn sou **85,5 kW** Leeschtung installéiert ginn, wat enger Stroum-Produktioun vun **76'950 kWh/Joer** entsprécht – ronn de **Verbrauch vu 15 Haushälter** aus eiser Gemeng!

D'Bierger konnten sech mat Part'en **vun 2 bis 11 kW** bedeelegen, den Investitiounsprais vun zum Beispill **2 kW ass 3.614,53€** (hTVA). Well de Staat nach **20% Subsiden** op Photovoltaik gett, bleiwen nach **2'891,62€ iwreg um Invest**. No 8 Joer sinn des Investitiounskäschte bezuelt. **No 15 Jor'en** ass d'Akommes vun enger **2 kW-Anlag 6'470€,** wann mer d'Frais de gestion an den Invest oofzéien, dann bleiwe nach **3'129€ Gewenn**.
Sou eng 2kW Anlag produzéiert am Duerchschnett 1'800 kWh pro Joer, wat ëmmerhin de jäerleche Stroumverbrauch vun enger Persoun an eiser Gemeng ass. En plus mecht een nach eppes fir d'Emwelt: eng 2 kW Anlag spuert 16,76 Tonne CO_2 iwer 15 Joer. Dat ass souvill wéi een Diesel-Auto (6l/100 km) während 68'000 km ausstéisst.

März 2015



Den Energiepark Réiden bekëmmert sech am de ganzen administrative Volet vun dëser Gemeinschaftsanlag a bezilt och d'Aktionären aus.

Wéi vill Stroum gëtt an eiser Gemeng scho mat der Sonn produzéiert?

D'läscht Joer (2014) sinn 1.500.000 kWh Stroum mat Solaranlagen an eiser Gemeng produzéiert ginn. Dat si ronn 8% vun eisem gesamte Stroumverbrauch an der Gemeng.



Wéi Dir op dësem Diagramm gesitt, sinn a verschiddenen Uertschaften nei Anlagen am Laf vun 2014 installéiert ginn. Insgesamt huet di installéiert Leeschtung em **17%** bäigeholl, wouriwwer sech d'Klimateam vill freet.

Wann och Dir un enger Solar-Anlag op ärem eegenen Daach oder un enger Gemeinschaftlecher Anlag interesséiert sidd an awer nach vill Froen hutt, da mell Iech w.e.g. beim Energieatelier zu Réiden um 26.62.08.01! Mir si fir Iech do!